D'AHL huet Problemer mam geplangte Kannerbonus

D’AHL huet Problemer mam geplangte Kannerbonus.Si hätt gären datt Elteren déi gescheet sinn kënne gläichermoossen vun der moderation d'impot profitéieren...
Dat bis den Alter vun 21 Joer; ëmmerhin misste jo déi 2 Säiten, op d’mannst am Prinzip, gläichermoossen fir daat Kand opkommen. D’Regierung huet do näischt ënnerholl; doniewt ennersträicht d’Aassociatioun vun de Männer, datt eng bestuete Koppel matt Kand kann méi schlecht ewechkommen, wéi eng net bestuete Koppel matt Kand. Déi Bestueten kommen aus der Steierklasse 2 eraus, kréien dofier de Kannerbonus. Bei den Net-Bestuéten wär dat aneschters, mengt d’Associatioun: do kinnt am Prinzip jidfereen vun denen Zwéin vun der Steierklasse 1a profitéiren, déi engem als Monoparentale zousteet; déi Zwéin kinnten och hier aussergewéinlech Dépensen ofsätzen, an déi net bestuete Koppel kinnt en plus nach de Kannerbonus kréien. D’Männerassociatioun wonnert sech iwwer des Regierungspolitik.

LuxWort 25.10.2007